



E gutt Beispill hu mer, wou mer esou geschafft hunn, dat sinn d'Kläranlage vun eiser Musel, déi zwou zu Pârel an och zu Mäertler-Waasserbëlleg. Ech mengen, mir sinn op där richteger Schinn do. An ech mengen och, dass duerch d'Tatsaach, dass duerch dee Comité d'accompagnement, deen derbäi ass, dass doduerch dee finanzielle Kader och iwwerwaacht gëtt an dass esou Saache wéi déi heiten net méi virkommen.

Ofschléissend nach zwee Wieder: Ofschléissend wëll ech soen, dass, wa gemengt gëtt, et géif näischt hei investéiert ginn an dee Kampf fir de Waasserschutz, wëll ech deene Leit, déi dat soen, soen, dass mer vill Efforte gemaach hunn an de leschte Joren, fir e gudden Zoustand vun eise Gewässer ze kréien.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Mir sinn awer wäit hannendran.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Mir si wäit hannendran, do sinn ech d'accord mat lech. Ech hunn et jo elo grad erkläert, Här Gira, a mir sinn amgaangen, do vill ze maachen, a mir hu scho vill gemaach!

Ech wollt lech soen - dat sinn och Zuelen an déi soen esou munches: Am Kläranlageberäich goufen 1993, wou d'Akraaftriede war vum Règlement grand-ducal iwwert d'Ofwaasserdirektiv, also vun 1993 bis 2003 sinn am Ofwaasserberäich 223 Milliounen investéiert ginn, 223 Milliounen. A vun 2004 un, wou d'Grënnung war vun der Waasserwirtschaftsverwaltung, an dat ass och den Ufank, wou ech als Minister ugefaangen hunn, säit där Zäit, dat sinn elo néng Joer, si 429 Milliounen investéiert ginn.

Dat heescht also, an deenen néng Joer, wou ech elo Minister sinn, si 429 Milliounen investéiert ginn, an an deene Jore virdrun, déi zéng Joer virdrun 223. Dat ass also mol zwee, wat also kloer weist, dass am Fong geholl hei am Land am Waasserberäich wierklech eng Bewusstseinserweiterung komm ass an dass do richtig investéiert gëtt an dass mer do zsummen, d'Gemengen an de Stat, well déi zwee sinn hei an der Verantwortung, dass se do hir Hausaufgaben elo maachen.

Dir sollt wëssen nach ofschléissend, dass bis 2027 1,2 Milliarden - 1,2 Milliarden Euro - an d'Waasserwirtschaft mussen investéiert ginn, an dovun eleng 750 Milliounen a Kläranlagen, a Collecteuren, a RÜBen (= Regenüberlaufbecken) an esou weider. Dir gesitt also, d'Waasser kritt een net zum Nulltarif, an duerfir sinn ech och frou, dass mer alleguerten agesinn, dass, fir gutt Waasser an e gudde Rohstoff ze kréien, Drénkwaasser an och eng propper Natur ze kréien, dat net zum Nulltarif ass.

Dat ass mäi Schlusswuert, a Merci fir Är Opmierksamkeit!

► **Une voix**.- Weess den Här Kaes dat dann och?

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister.

Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung. Fir d'Éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6511.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6511 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6511 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6511 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6512.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6512 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. An och hei ass de Vote ofgeschloss.

De Projet de loi 6512 ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6512 est adopté à l'unanimité des 57 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Raymond Weydert (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Josée Lorsché), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;*

*MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Eisen nächste Projet de loi ass de Projet de loi 6479A iwwert d'Gemegekontabilitéit. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Scheuer, Gira a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Emile Eicher. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6479A - Projet de loi portant modification

### a) de certaines dispositions du Titre 4 - De la comptabilité communale de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et

### b) de l'article 33 de la loi du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale

#### Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Emile Eicher** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, den 12. September 2012 huet den Här Innenminister de Projet de loi 6479 déposéiert. Am Laf vun deene Méint a Wochen duerno sinn du véier Avisen erakomm, déi vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Salariés, dem Syvicol an och vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. De Statsrot hat dese Projet de 4. Dezember d'lescht Joer aviséiert.

Dëst Joer, de 25. Februar, huet d'Chamberskommissioun mech dunn zum Rapporteur ernannt an de 14. März hu mer dunn am Detail de Projet analyséiert. Mir koumen dunn zum Schluss an engem Amendement de 14. Mee, datt et besser wier, dese Projet an zwee ze deelen, an zwar de Projet 6479A, dee mer elo virleien hunn a bei deem et sech exklusiv ëm verschidden Dispositiounen aus der Gemegekontabilitéit handelt.

Dës Opdeelung wor an den Ae vun der Kommissioun wichteg gewiescht, well mer déi nei Instrumenter, déi nei Kontabelsinstrumenter am Gemengesector onbedéngt schnell musse kréien, ech wäert et herno nach soen, well mer

se scho säit Januar applizéieren. Mir erfëllen domadder iwwregens och d'Exigenze vun dem europäesche Kontabelsystem, dem SEC 95.

Ech wëll just bemierken, datt de Projet de loi 6479B nach wäert amendéiert ginn oder eventuell an en anert Gesetz integréiert ginn.

Dese Projet de loi ass de 4. Juni vum Statsrot aviséiert ginn, a mir konnt den Rapport de 27. Juni unhuelen. Ech mengen, dëst wor wichteg, fir d'Virgeschicht ze erklären zu deem Dossier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem virleiende Projet féiere mir am Gemengesector elo zwee nei Kontabelsinstrumenter an, an zwar en neie Plan budgétaire normalisé, de PBN, an de Plan pluriannuel de financement, de PPF. De Regierungssaccord vun 2009 hat scho virgesinn, datt d'Gemengen, d'Gemengesyndikater souwéi d'Établissements publics, déi ënnert der Opsicht vun de Gemenge stinn, ech zitieren, een «outil comptable intégré, capable de fournir des informations et données indispensables en vue d'une gestion efficiente des services communaux» sollt kréien.

De PBN, also de Plan budgétaire normalisé, ass eng Nomenclature fir ze budgétiséieren an ze kontabiliséieren, déi sech un dem Plan comptable, deen och am Privatsector existéiert, inspiréiert huet. Domadder erfëlle mir och déi europäesch Obligatiounen, mä mir ginn dem Gemengesector virun allem e kloer definéiert Instrument, fir seng Kontabilitéit no enger uniformer an onzweedeiteger Aart a Weis ze maachen. Selbstverständlech sinn all Regele vun der Transparenz respektéiert an déi aktuell Budgets-presentatioun ass och deementspriedend ugepasst ginn.

Iwwregens gëtt de Plan budgétaire normalisé scho fir dat aktuell Budgetsjoer op dem Gemengenniveau applizéiert, wéi ech dat virauser schonn ugedeit hat.

Wéi gesot, de PBN ass net nëmme gültig fir d'Gemengen, mä och fir d'Gemengesyndikater an och fir d'Établissements publics.

Elo zum PPF, dem Plan pluriannuel financier: Et ass en Outil de gestion, deen et de Gemengen erméiglecht, eng besser global Iwwersiicht vun der Evolutioun vun hire Finanzen ze kréien. Et ass also e Planungsinstrument, dat am ganze Land no deeneselwechte mikro- a makroekonomesche Prämissen, déi de Ministère de l'Intérieur de Gemenge matdeelt, opgebaut ass, an dat souwuel fir d'Recetté wéi och fir d'Dépenses, fir den ordinären an och den extraordinäre Budget.

Dese standardiséierten Outil gëtt all Joer vum Schafferot fir eng Period vu véier Joer opgestallt, nämlech dat lafend Joer an déi dräi zukünfteg Joren, déi hannendrukommen. An e muss och lafend à jour gehale ginn. E soll och als Basis fir d'Opstellung fir d'Gemegebudgete vun deene Joren duerno gebraucht ginn.

De PPF wäert den 1. Januar d'nächst Joer a Kraaft trieden. A wann dat de Fall ass, dann deelt de Schafferot dem Gemengerot dee Plan pluriannuel financier mat, genausou wéi dem Innenministère.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, erlaabt mer, nach e puer Wuert zu den Avisen ze soen. De Statsrot hat e puer Remarquen zum PPF formuléiert, notamment ass déi héich Kierperschaft der Meenung, datt de PPF fir déi dräijährig Period nom Exercice, fir deen de Budget opgestallt gëtt, géllt. Doduerch hätt een dann eng Finanzprevisioun vu véier Joer kënnen garantéieren, wat mer jo och elo maachen.

Derniewent wor de Statsrot der Meenung, datt och de Schafferot misst d'Responsabilitéit dofir iwwerhuelen, datt de PPF opgestallt an à jour gehale gëtt. Dat hu mer och gemaach.

Déi héich Kierperschaft hat sech och derfir ausgeschwat, datt de Gemengerot net sollt just eng konsultativ Roll spillen, mä aktiv bei der Opstellung vum PPF derbäi sinn. Dat hätt allerdéngs dann och zur Konsequenz gehat, datt, wéi bei all Budget, dann hätt missen ofgestëmmt ginn. An ech kommen herno nach dorop zrëck: Bei de Berufschambere wore se do och net all darselwechter Meenung.

D'Chambre de Commerce approuvéiert dese Gesetzesprojet, mä proposéiert awer, e Kalenner dobäi ze integréieren, virun allem, fir d'Gemegebudgete kënnen och mat anzebannen an déi Procédure vum Regierungsbudget an dee Moment och fir d'EU méi genau Zuele kënnen virzeleeën.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass averstane mam Projet, stellt allerdéngs den obligatoresche Charakter vum PPF a Fro, well dat e Risiko mat sech bréngt an deem Sënn, datt de PPF e politesch Instrument fir d'Gemenge kéint ginn, dat Divergenzen tëschent der Verwaltung an dem Gemengerot kéint schafen. D'Chambre des Fonctionnaires hat derniewent bedauert, datt dese Gesetzesprojet esou laang gebraucht hat, fir déposéiert ze ginn.

D'Chambre des Salariés ass mat deem Gesetzesprojet averstane an hat keng weider Observatiounen.

Ofschléissend kommen ech dann zum Avis vum Syvicol. De Syvicol belueft sech iwwert d'Aart a Weis, wéi dese Projet ausgeschafft ginn ass: Mat engem Comité de pilotage an engem Groupe d'accompagnement konnt des Reform vun der Gemegekontabilitéit op eng kooperativ a konstruktiv Aart a Weis iwwert d'Bühn goen.

De Syvicol kritiséiert awer am Gesetzesprojet d'Existenz vun zwee Konten, nämlech deem vum Schafferot an deem vum Gemengereceveur, a mengt, déi duebel Kontroll wier net méi néideg gewiescht. De Syvicol huet sech och entschidden derfir agesat, datt de Plan pluriannuel financier net manner effizient wier, wann e manner Detailler och géif zrëckhalen.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, ech hoffen, ech konnt lech mat mengem mëndleche Rapport vun der Noutwendegkeet vun deem wichtige Kontabelsoutil fir d'Gemengen iwwerzeegen.

Erlaabt mer, virun allem de Mataarbechter vum Ministère de l'Intérieur a besonnesch der Madame Clara Müller, dem Här Nilles an all deene Mataarbechter, déi heibäi matgeschafft hunn, ee ganz grouse Merci auszedrécken, well si hunn an enger remarquabler Zesummenaarbecht mat de Gemengen et fäerdegbruecht, am Virfeld déi Ëmsetzung vun deem Gesetz ze preparéieren a schlussendlech och elo scho bei de Gemengen duerch Formation continue ze implementéieren.

Et wier ganz bestëmmt nach villes hei derzou ze soen, ech géif awer heimadder dem Projet de loi den Accord gi vu menger Fraktioun an hoffen, datt déi vill Buergermeeschteren a Memberen aus de Conseilen a Schafferéit deen Outil hei och begreisse géifen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dem Rapporteur, dem Kolleg Emile Eicher, ze félicitéieren fir säi präzisen, kompletten a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport an him ausdrëcklech Merci ze soen.

Et ass, wéi de Rapporteur et gesot huet, eng gesetzlech Modifikatioun, déi an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen, dem Syvicol, interkommunale Syndikater an anere staatlechen Dëngschtstellen ausgeschafft gouf. Och ech wëll de Bedeelegten e grouse Merci aussprechen, well duerch d'Matwierke vun den Acteuren um Terrain konnt den Déi nei Dispositiounen ouni gréisser Schwierigkeeten ëmgesat ginn. Eng Schaffensart a -weis, déi mer ausdrëcklech wëlle begreissen!

Inhaltlech gekuckt sinn d'Neierungen eng reell Plus-value fir eng méi modern Gestiou vum de Gemegefinanzen. Déi nei Instrumenter - neie Plan budgétaire, nei Budgetsstruktur, Méjoresfinanzplang, neien État vun der Finanzsituation, e präzisen Échéancier - sollen de Gemegegeresponsablen et erlaben, e bessere Bléck op d'Finanzsituation vum hirer Gemeng ze kréien.

Iwwer zéng Joer schwätze mer vun enger Gemegefinanzreform. An ëmmer erëm ass drop higewise ginn, datt d'Qualitéit an d'Disponibilitéit vu fiabelen Donnéeën ze wënschen iwwreg géif loossen. Och war et schwéier, eng Gemeng mat där anerer richtig ze vergläichen, well de Finanzkader vu Gemeng zu Gemeng verschidde gestréckt war. Besonnesch d'Transferte vu finanzielle Moyenen an déi interkommunal Syndikater hunn niewent den ongläiche Missiounen zu Verwirrung gefouert.

Mat deem Gesetz wäerte mer do der Wourecht ee Stéckelche méi no kommen. D'Gemengen hätt gäre Planungssécherheet. Mat deser Reform kréie mer awer nëmme just en Instrument, fir dës Planungssécherheet ze iwwerwaachen. Eng grondleeënd Reform steet awer nach aus. An deser Hisiicht huet den Innenminister seng Hausaufgaben nach net gemaach.

Här President, ob d'Neierunge vun deem Gesetz eng Plus-value duerstellen, hânt am Wesentleche vun der Qualitéit vun den Informatiounen of, déi nëmmen déi staatlech Stellen der Gemeng kënnen liwweren. Anert wichtegt Element ass d'Transparenz, Transparenz beim Verdeelungsschlüssel vun der Gewerbesteier a beim Fonds communal de dotation financière, transparent, kloer, objektiv an novollzéibar Krittäre bei den Investitiounssubsiden, Transparenz bei anere Gemegefinanzinstrumenter wéi dem Pacte Logement.





Och wäert et schwéier sinn an dëse wirtschaftlech méi schwéieren Zäiten, d'Recetten op fénnef Joer virauszesoen. Jiddefalls gëtt mat dësen Neierungen eng besser global Vue op d'Entwécklung vun de Gemengefinanze méiglech. A mir als DP-Fraktion hoffen, datt mer domadder och méi finanziell Gerechtegkeet an deenen nächste Jore kënnen kréien.

Dëst Gesetz ass ee Schrëtt an déi richteg Richtung, och wann een zousätzlech Elementer vun enger kommerzieller Kontabilitéit hätt kënnen afléisse loossen. Am Numm vun der DP-Fraktion wëll ech den Accord zu dësem Gesetz ginn a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Scheuer (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wollt ech dem Rapporteur Emile Eicher Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. Dofir wëll ech mech ganz kuerz halen a just e puer Remarqué maachen.

Déi meescht Gemengen hunn de Budget vum Joer 2013 schonns no den neie Regele vun der Comptabilité générale opgestallt. E puer Remarquen zum Plan pluriannuel: De Ministère léisst de Gemengen eng Lettre circulaire zoukommen, fir de Budget opzustellen. Dofir meng Fro un de Minister, ob bei der Circulaire elo och déi Previsiounen op dräi Joer vum Impôt commercial an der Dotation de l'État matgedeelt ginn.

De Plan pluriannuel de financement soll dem Gemengerot respektiv dem Bierger d'Iwwersicht ginn iwwert dat, wat d'Gemeng wëlle huet ze maachen an deenen nächste Joren. Dobäi soll een och iwwerleeën, wéi een de Bierger méi mat abezitt an der Formulatioun vun de Projeten an Investissementer, déi wichteg fir d'Gemenge sinn.

De Statsrot huet och recommandéiert, datt de ganze Gemengerot an der Ausschaffung vun dësem Plan pluriannuel soll matgestalten. Dat ass natierlech wünschenswäert, fir eng maximal Ennerstëtzung ze kréien. Verschidde Gemenge sinn och elo fir de Budget 2013 op dee Wee gaangen an d'Diskussioune sinn an de Gemengeréit gefouert ginn iwwert déi nei Plans pluriannuels, an ech denken, datt dat e gudden Exercice wor.

Dëse Plan comptable ass awer och eng Äntwert fir d'Obligatioun, déi de Stat huet, fir en A op d'Evolution vun de Gemengekeesen ze halen an och d'Informatiounen am Kader vun eisen europäeschen Obligatiounen weiderzeschécken, besonnesch elo an der Kris, wou d'EU sech nei Instrumenter ginn huet, fir géint d'Defiziter ze steieren an e bessere finanziell Suivi vun den einzelne Länner ze maachen.

Mä de Plang soll just eng Previsioun sinn, déi eng Iddi vun den Investissementer an de Recettë soll ginn, ouni ze vill an den Detail ze goen oder zumindest net esou an den Detail wéi déi normal järelech Kontabilitéit vun der Gemeng.

Et gëtt allerdéngs och Bedenken iwwert d'Utilitéit vun dem Plan pluriannuel, deen am Normalfall no de Wahlen vun enger neier Majoritéit op der Basis vun engem neie Programm iwwerduecht a reforméiert misst ginn. Dee beschte Plan pluriannuel ass näischt wäert, wann hien net à jour gehale gëtt. Dofir brauch een eng ganz gutt Software, verbonne mat engem groussen Aarbechtsopwand a forméiertem Personal.

De Schäfferot kann och an Zukunft mat dësem Text am Beräich vum Extraordinären eenzel Kreditter vun engem Artikel op een aneren iwwerdreien, soulaang dat ënnert deem nämleche Code geschitt. Dat ass och eng Mesure vu Simplification administrative, déi mer begreifen, well dat d'Aarbecht innerhalb vum Schäfferot vereinfacht a well et och méi der Realitéit Rechnung dréit.

Verschidde Projekte kréie Retard oder verlafen net esou, wéi se sollten. An do ass et gutt, wann een ouni groussen Opwand dës Kreditter op en anere Projet kann iwwerdreien. Et ass wierklech positiv, datt elo den Exercice, fir am Kader vu gewësse Regele budgetär Transferten ze maachen, erlaabt ass.

Luewenswäert war och déi gutt Zesummenaarbecht tëschent dem Syvicol an dem Ministère bei dësem Projet de loi. Dat sollt och e Modell si fir aner Gesetzesprojeten.

Da wär ech och schonn um Schluss ukomm a géif dann och den Accord vun der LSAP-Fraktion zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Scheuer. Als leschte Riedner ass den Här Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi gréng Fraktioun wäert sech bei dësem Projet enthalten, an zwar, well mer der Meenung sinn, dass erëm eng Geleeënheet verpasst ginn ass, fir de Gemengesector e Stéck Wees aus der Postkutschenzäit erauszuhuelen.

► **Une voix.**- Aha!

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Jo, Här President, ech sinn der Meenung, dass esou, wéi de Moment an de Gemengen d'Kontabilitéit ofleef, dat ass wierklech Postkutschenzäit. Glécklecherweis wëssen d'Leit dobaussen net, wéi vill Zäit eis Beamten a Beamtinnen a mir als Buergermeeschter a Schäfte mat där Kontabilitéit do verbréngen, soss géife se eis mat den Hënn zum Duerf erausjoen.

(*Interruption*)

Eng Rechnung kënnt eran, e Beamte kuckt, ob se berechtegt ass. Een anere mécht e Mandat, gëtt e weider un de Gemengesekretär. De Buergermeeschter an de Schäfte ënnerschreiwen. An da geet se esou lues bei deenen, deen dann eigentlech d'Rechnung sollt iwwerweisen.

Do brauch ee sech éischters net ze wonneren, wann et heiansdo dauert, bis déi Leit hir Sue kréien. Mä ech géif gären e Student drop setzen, fir auszerechnen, wéi vill Stonnen an deene Gemenge verluer gi mat enger Kontabilitéitsaart a -weis, déi wierklech aus dem 19. Johonnert ass!

Anscheinend gëtt et Internet haut, anscheinend gëtt et Computeren, anscheinend gëtt et Computeren, déi ee kann tëschent einzelne Beamten a Beamtinnen vernetzen. An anscheinend kann een dann och dee Computer nach mat deem vum Schäfferot vernetzen.

Stellt lech vir, an engem Kleng- a Mëttelbetrib mat 40, 50 Leit misst de Patron all Rechnung op déi do Aart a Weis ënnerschreiwen an an d'Wee leeden! Mä déi wiere jo alleguerne faillite!

Ech hu wierklech kee Verständnis, firwat mer zwar ganz schnell et fäerdegbréngen, e komplizéierte Projet op de Wee ze ginn an d'Gemenge forcéieren, praktesch ier d'Gesetz gestëmmt ass, eppes ze applizéieren, wat nach keng legal Basis huet, opgrond vun enger EU-Direktiv, mä dass mer awer net vun deemselwechte Gesetz profitéieren, fir all deenen Doléancen, déi vu Gemengesäit kommen, beim selwechte Rechnung ze droen!

Do kënnt jo nach derbäi, dass all déi Rechnungen dann och nach iergendwéi eng Kéier oder weinstens stéchprouwenaarteg vum Service de contrôle vum Ministère de l'Intérieur kontrolléiert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen - weinstens déi aus de Gemengen -, sidd Der net mat mir d'Accord, dass dat do wierklech net méi zäitgeméis ass...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- ...an dass mer do schrecklech vill Personal kéinte spueren, dass mer schrecklech vill Geld kéinte spueren, vu Réforme administrative oder Simplification administrative net ze schwätzen?

Hei gëtt bei all Fusioun probéiert - probéiert! - kloerzemaachen, dass mer schrecklech vill Geld géife spueren, andeems mer Personal géifen aspueren. Ech sinn do ganz skeptesch. A wann ech mech e bëssen ëmheieren, dann ass dat, mengen ech, bis elo nach bei kenger Fusioun de Fall gewiescht.

Ech hätt lech eng Propos gemaach: Hätte mer hei déi duebel Kontabilitéit ofgeschaaft, dann hätte mer honnertmol méi Personal an Zäit gespuert, wéi dat bei alle Fusiounen, déi an deenen nächste Joren nach solle stattfannen, de Fall wäert sinn.

Zweete Punkt, wou ech dann awer och der Meenung sinn, dass mer hätte kënnen méi wäit goen. Hei gëtt elo behaupt, mir géifen eis der Kontabilitéit aus dem Privatsektor unnäheren. Dat ass jo awer net esou. Mir kréie vläicht eenzel Rubriken, mir kréie vläicht eenzel Dénominationen, mä mir sinn awer wäit ewech a mir hunn och hei net ee Schratt méi no gemaach bei e bësse méi eng realitéitsno an e bësse méi eng Comptabilité commerciale.

Mir sinn eis allegueren eens, dass een net kann e Modell aus enger Privatfirma eriwuerleeën op eng Gemeng. Mä et ass awer net gutt, wéi mer eis Gemengen de Moment géréieren. Grad a schwierigen Zäiten, wou een net weess, wat an deenen nächste fénnef Joer op eis duerkënnt, wier et awer gutt, dass mer e Stéck Wees ewechkéime vun där kameralistescher Kontabilitéit, déi just all Joer am November an am Dezember eng Foto mécht vun där aktueller Situatioun an déi iwwerhaapt näischt ausseet, wéi eng Gemeng dosteet.

Do kann een net erausfannen, ob d'Infrastruktur vun enger Gemeng nei sinn oder ob se al sinn, ob se grouss Besoinen huet vun Infrastrukturen an deenen nächste Joren. Et kann een och net dobäi erausfannen, ob se zum Beispill Réserves foncières huet an esou weider an esou fort.

Ech soen lech e Beispill, fir lech ze illustréieren, wéi pervers dass dat och ass an där kameralistescher Approche.

Mir haten an der Gemeng Biekerech virun enger Rei Joren d'Chance - well e Bauer gemenget huet, éischter säi Gléck a Kanada sichen ze goen, wéi hei zu Lëtzebuerg nach weider ze schaffen -, 30 ha Land als Gemeng selwer ze kafen. Mir hunn eng Millioun oder 40 Millioun Lëtzebuerger Frang op den Dësch geluecht a sinn natierlech e Prêt maache gaangen, fir dat kënnen ze bezuelen. Laut där aktueller kameralistescher Approche ass d'Gemeng Biekerech domadder zéng Millioun Lëtzebuerger Frang méi aarm ginn, well mir hunn déi jo net méi, mir hunn déi jo misse siche goen. Dat ass d'Aart a Weis, wéi mir de Moment an de Gemengen eis Kontabilitéit géréieren.

Wann ee jo awer weess, dass alles ofhëlt zu Lëtzebuerg vläicht u Wäert, mä sécherlech net Terrainen, a wann ech lech soen, dass elo vläicht d'Chance besteet, dass mer deemnächst fir een Hektar vun deem Terrain, dee mer vläicht engem Hôtelier zur Verfügung stellen, fir en Hotel drop ze bauen, esou vill Suen erëmkreien, wéi mer fir déi 30 ha ginn hunn, da sidd Der jo mat mir d'accord, dass déi Fotosopnamm, déi viru 15 Joer gemaach ginn ass a seet: „Elo ass d'Gemeng Biekerech eng Millioun Euro méi aarm ginn.“, dass dat allem entsprécht, mä net der Realitéit.

An ech mengen, och do mat alle Schwierigkeiten, déi dat bedeit, wou ech och gären d'accord sinn, et ass schwierig ze soen, wat de Kontabilitéitswäert ass vun enger Kierch, doriwier kann een diskutéieren, mä ech mengen, et wier awer méiglech gewiescht, usazweis emol eng Diskussioun ze féieren an ze soen: „Kënnen mer dat do net awer e bësse maachen?“

Ech mengen, mir hunn et jo fäerdegbruecht beim Waasser. Mir hunn haut vill um Waasser geschwat. Do hu mer awer a relativ kuerzer Zäit et fäerdegbruecht, eng Comptabilité commerciale hinzekreien, wat viles an de Käpp vun de Gemengeverantwortleche mécht. An ech mengen, hei hätt een och méi wäit kënnen goen.

A well déi zwou Saachen net erfëllt sinn, musst Der verstoen, dass mir zwar kee Problem hunn, wann dee Projet kënnt, mä mir hätten eis erwünscht, dass mer profitéiert hätten, fir vill méi wäit ze goen. A well dat net de Fall ass, wäerte mer eis enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. D'Wuert kritt den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Alleréischent dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech wollt him och dorop äntwerten, dass e gesot huet, dass de Projet 6479B, dee verschidden Dispositiounen aus dem Gemengesetz enthält, soll effektiv an engem anere Gesetz iwwerholl ginn.

Et ass richteg, ech hu wëlles, an dat hunn ech de Moien decidéiert, esou wéi ech lech d'Gesetz virgestallt hunn am Syvicol, Här President, d'Gesetz iwwert d'Tutelle vun de Gemengen, fir dat do eranzeschreiwen an dat Gesetz. An ech wënsche mer dann, dass mer dat Gesetz nach an engem zukünftige Regierungsrot kënnen déposéieren, fir et dann hei an d'Chamber ze bréngen.

Dat gesot, mengen ech, kréie mer mat dësen zwee neie Finanzinstrumenter effektiv eng besser Situatioun an d'Gemengefinanzen eran. Mir kréien iwwerall am Land déiselwecht Nomenclature, fir ze budgétiséieren, ze kontabiliséieren, an déi aktuell Technik, déi bleift bestoen. Déi ännert also net. Et ass eng gutt Saach.

D'Transferte vun de Kreditter si méiglech, mir kréie méi Flexibilitéit, méi Effizienz. Effektiv kann een, wann een am Waasserberäich zum Beispill op enger Plaz manner Suen ausgëtt, mengetwegen am Drénkwaasser, da kann een déi an den Ofwaasser-Réseau mat eriwuerhuelen. Dat gëtt also eng besser Approche. Mir kréien integer a fiabel Donnéeën. Dat ass onbestreitbar.

Ech mengen och, doduerch kréie mer, dat ass fir mech e wichtige Punkt, am Fong geholl e Gesamtbild vum Gemengesector, dat et erméiglecht, analytesch virzegoen an eise Gemengefinanzen. Da kënnen mer vläicht emol e

Benchmarking vun eise Gemengesector maachen, da kréie mer emol eng Objektivéierung vum Débat, wat d'Finanzéieren am Gemengesector ugeet. Well do seet deen een, e géif ze vill kréien, deen anere kritt net genuch.

Bon, mat deenen aktuellen Donnéeën, an der Ëmverdeelung, hu mer keng fiabel Donnéeën. Also ass et wichteg, dass mer do kucken, dass, egal wéi am Land verbucht gëtt, et d'selwecht verbucht gëtt, dass do harmoniséiert gëtt. Domat kréie mer och eng gewësse Planungssécherheet, wat dee Volet ugeet, an da kënnen mer déi Gelder besser ëmverdeelen.

Ech ginn och dovun aus, dass, wa mer dat hunn, an dat dauert nach e puer Joer, well mer brauchen e puer Joer Donnéeën, fir kënnen statistesch seriö dozestoen, fir dass déi statistesch verwäertbar sinn, mengen eien, da kënnen mer soen: Wat sinn déi obligatoresch Aufgabe vun de Gemengen? Wat kaschten déi? An da kënnen mer déi Revenus non affectés, den Impôt commercial an de Fonds communal de dotation financière méi gerecht ëmverdeelen. Dat ass also fir mech wichteg.

An och an de Gemenge selwer, mengen ech, kënnen si Arbitragé maachen. Wa se emol wierklech eng besser Budgétiséierung hunn oder eng analytesch Approche hunn, kënnen si soen: „Wann ech e Fussballterrain bauen oder wann ech eng Schwämm bauen, soll ech eng intercommunal Schwämm bauen, eng lokal Schwämm, wat gëtt besser?“ Do kritt een och also méi Spillraum. An dat, mengen ech, ass och eng Plus-value fir d'Gemengefinanzpolitik, an et erlaabt eis, eng modern Finanzpolitik am Gemengesector ze maachen.

Zu esou enger gehéiert, a mengen Aen, och de PPF, de Plan pluriannuel de financement, wat ee Standardinstrument ass, fir Previsiounen ze maachen. Also et gi Previsiounen gemaach all Joers fir dräi Joer, an da soll op Basis vun deenen de Budget opgestallt ginn. Déi Donnéeë gi jo un de Gemengerot communiquéiert, déi ginn un de Stat communiquéiert, un de Ministère des Finances, un de Statec an un den Intérieur. Dat ass eng gutt Saach. Esou kann dann de Stat sengen Obligatiounen an der EU nokommen, an och d'Gemengen, mengen ech, kënnen deem grouse Prinzip «gouverner, c'est prévoir» och méi nokommen.

An ech wëll dat widderhuelen, mengen ech, wat den Här Scheuer gesot huet: Mat dëser Aart a Weis zesummenzeschaffen hu mer, mengen ech, eng Aart Modell opgebaut mat engem Comité de pilotage, mat engem Comité d'accompagnement. Dat ass eng gutt Saach. An ech wollt all deene Leit Merci soen, déi gehollef hunn, dëse Projet esou am Fong geholl ze ficeléieren.

Mir hunn Tester gemaach a Gemengen, mir hu Pilotgemenge gehat, et gouf viles gekläert, ier et lassgaangen ass. An och elo an Zukunft kucke mer, wéi et weider soll goen. Dir wësst, dass mer deene Gewielten an de Beamten am leschte Joer am Fong geholl an Zesummenaarbecht mam Syvicol a mam INAP eng Formation ginn hunn iwwert de Plan budgétaire normalisé. Datselwecht soll dësen Hierscht geschéien, wat de Plan pluriannuel de financement ugeet.

Zweetens, mir hunn e Vademekum gemaach iwwert de Plan budgétaire normalisé. Dat heescht, do kann een op Internet kucke goen: Wéi soll ee Budget strukturéiert sinn? Wéi eng Coden hëlt ee wéi? Wat soll gebucht ginn? An esou weider. Datselwecht maache mer och elo mam PPF, also mam Plan pluriannuel de financement. Dat heescht, do kënnen d'Gemenge sech och orientéieren un deem, wéi mer eis dat virstellen am Intérieur, dass ee fiabel Donnéeë kritt an dass een dat dann op Zäitspanne bréngt.

An do kommen ech op dee Punkt ze schwätzen, deen elo schonn zweemol ugeschwat ginn ass. Mir schécken eng Circulaire un d'Gemengen, fir dass se ebe kënnen seriö esou ee PPF opstellen. Do ass manifestement, ech géif soen, bal Handlungsbedarf oder op d'mannst ass do Klärungsbedarf. An do hu mer wëlles, am Hierscht oder éischter gesot Enn des Joers de Gemengen eng Circulaire ze schécken, wou déi makroekonomesch Donnéeën dra sinn.

Den ICC, Här Scheuer, an den FCDF sinn do dran, fir dass ee kann och e seriö Plan pluriannuel opstelle fir dräi Joer. Dat garantéieren ech lech hei. Dat ass eis Aufgab. A mir maachen dat dann. Wa mer déi Donnéeë kréie vum Statec, wa mer déi Donnéeë kréie vum Ministère des Finances, da gi mir déi un d'Gemenge weider. An dann, mengen ech, kënnen anstänneg Previsiounen gemaach gi fir déi dräi nächst Joer. Dee Plan pluriannuel gëtt jo all Joers nees uge-





passt, soudass ech mengen, dass dat Instrument da ka wierklech eppes bréngen.

Et ass geschwat ginn, dass kee prezise Kalenner do wär, a verschiddenen Avisen. Ech mengen, wann een hei ze prezis wär, dat kéint am Fong geholl kontraproduktiv sinn, well am Kader vun der EU brauch een eng gewësse Flexibilität. An déi kréie mer mat där Aart a Weis, wéi mir dat heite wëllen ugoen.

An dann ee leschte Punkt, deen den Här Gira opgeworf huet, op dee wollt ech awer och nach agoen. Dat ass dee vun der Comptabilité camérale an de Gemengen. Do wollt ech dem Här Gira soen, dass ech am Fong geholl just dat maachen, wat déi viregt Chamber, déi téschent 2004 an 2009 ënnert der Présidence vum Michel Wolter an der sougenanntener RTL-Kommission - Réorganisation territoriale -, déi Spezialkommission, geschafft huet. Déi Kommission huet ee Rapport gemaach, an an deem Rapport steet, dass d'Gemenge weider solle mat där caméraler Kontabilitéit weiderfueren, dass dat am Fong geholl deen Instrument de choix wier fir d'Gemengen.

Näischt hënnert se drun, dernieft eng aner Kontabilitéit ze hunn. Mä ech maache just dat hei, wat d'Chamber mech opgefuerdert huet iwwer e Rapport. Ech maachen also net, wat Dir haut fuerdert, mä ech maachen dat, wat am Fong geholl déi Kommission mir gesot huet. Déi huet gesot: „Ministre de l'Intérieur, maacht dat esou!“ Dofir hu mer dorop opgebaut. An déi Comptabilité camérale ass ee Ganzt.

Ech sinn d'accord, dass se schwéierfällg ass. Mä eng Gemeng ass emol fir d'Éischt eng öffentlech Instanz an an zweeter Instanz ass et ee Serviceprovider. An dofir mengen ech, dee Choix, dee mer hei geholl hunn, dass dat ee richtige Choix ass.

Et ass opgeworf ginn, dass een, wann een déi camérale Kontabilitéit huet, do gi jo d'Fluxe vu Gelder gekuckt, dat huet den Här Gira jo gutt beschriwwen, do mécht et awer Sënn, dass eng zäitversate Kontroll ass wum Receveur. Dat heescht, wa mer de Moment ee Compte administratif an ee Compte de gestion hunn, da mécht dat Sënn. Ech engagéiere mech awer hei, an och deen nächste Minister, deen da kënnt, dass dee soll kucken, ob dee Modell sech bewährt, dee mer elo hunn, an dann op Basis vun den Erfahrungswärter soll deen dat dann eventuell änneren.

Datselwecht géllt och fir de PPF, wou gesot ginn ass, dee bräicht net esou détailléiert ze sinn. Et soll een also net esou vill Detailer an de Plan pluriannuel schreiwen. Och do mengen ech, sollte mer e Monitoring maachen a kucken, wéi mer dee proposéierte Modell..., ob dee sech bewährt, an da kéint een do Ännerunge maachen.

Ech mengen, dass mer hei wierklech ee richtige Schrëtt an déi richteg Richtung maachen an dass dëse Projet dat Néidegt bréngt, wat mer brauchen am Gemengesecteur, dat heescht ee gutt Instrument, fir eis Gemenge finanziell oder um finanzielle Plang gutt ze féieren.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Innenminister.

Domadder wär d'Diskussion ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6479A et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6479A ass ugehall mat 49 Jo-Stëmme, géint 9 Enthaltungen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6479A est adopté par 50 voix pour et 9 abstentions.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lu-*

*cien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché);*

*MM. Jean Colombara et Jacques-Yves Henckes.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Dee leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass eng Orientéierungsdebat iwwert déi lëtzebuergesch Arméi. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Hären Eischen, Etgen, Fayot, Kartheiser an Henckes. Als Éischt hiéiere mer elo den Här Félix Braz als Vertreter vun der Fraktion vun deene Gréngen, déi dës Debat ugefrot huet. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

## 6. Débat d'orientation sur l'armée luxembourgeoise

### Exposé

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Merci, Här President. D'Gesetz vum 21. Dezember 2007, déi sougenannten Arméiereform, hat an der Haaptsaach als Zil, déi operationell Capacitéiten, en vue vu Lëtzebuurger Engagementer am Kader vun der NATO a vun der UNO, ze verbesseren. An domadder ass och d'Arméi selbstverständlech och en Element vun der lëtzebuergescher Aussepolitik.

Lëtzebuerg ass kee Land mat engem opfälleg grouss militäreschen Engagement. An eis Arméi ass international selbstverständlech och nëmmen am Kader vu Kooperatiounen mat aneren Arméien, am eigentleche Sënn vum Wuert, voll asazfäeg. Eleng kéinte mer dat sécher net maachen a wäeren eng Arméi, där hiert Wierkungsfeld..., oder hätten eng Arméi, där hiert Wierkungsfeld op den nationalen Territoire beschränkt wier.

Vun de ronn 1,7 Milliounen Zaldoten, déi et an den elo 28 Memberlänner vun der Europäescher Unioun gëtt, stellt Lëtzebuerg der knapps iwwer 1.000. Dat sinn der net terribel vill, dat sinn der souguer bedeitend manner wéi zum Beispill Malta, wat e Land ass mat manner Awunner wéi Lëtzebuerg, wat iwwer 2.300 Zaldoten huet.

Nach méi kloer gëtt awer dat finanziellt militärescht Engagement vu Lëtzebuerg, wann een de relative Wäert considéiert vun den Dépense par rapport zum PIB. An der Europäescher Unioun, mat iwwer 500 Milliounen Awunner, ass de gesamt militäresche Budget bei ronn 195 Milliarden Euro. Dat si ronn 1,6% vum PIB vun der Europäescher Unioun an ongeféier 400 Euro pro Awunner pro Joer, déi an Europa an der Moyenne fir Militärausgaben investéiert ginn.

Zum Verglach mat den USA, do ginn all Joers 520 Milliarden ausgi fir Militärdépense, bei ronn 310 Milliounen Awunner. Dat sinn also ronn 1.700 Euro pro Awunner, méi wéi véiermol esou vill wéi an der Europäescher Unioun.

Am Verglach: Lëtzebuerg gëtt also ronn, pro Joer, 200 Milliounen aus, bei 500.000 Awunner. Ofgeronnt sinn dat 400 Euro pro Awunner pro Joer. Dat entsprécht der Europäescher Moyenne, wann een dat an Euro ausdréckt. Wann een dat awer ausdréckt a Prozenter vum PIB, dann ass Lëtzebuerg Schlusslicht an der Europäescher Unioun, mat 0,48% vum PIB, déi mer pro Joer ausgi fir militäresch Dépense.

Nach eng kéier zum Verglach: An der Europäescher Unioun ass d'Moyenne 1,61%, oder och nach eng kéier d'Beispill vu Malta, wat manner Awunner huet wéi Lëtzebuerg, déi ginn 0,71% vun hirem PIB pro Joer fir Militärdépense aus. Déi puer Zuelen, just fir ze weisen, dass hei zu Lëtzebuerg wuel mat 400 Euro pro Joer pro Awunner d'Militärdépense an der Europäescher Moyenne leien, mä dass mer hei, wa mer de relative Wäert vun den Dépense par rapport zum PIB kucken, da gesi mer awer, dass Lëtzebuerg traditionell seng Friddens- a Sécherheetspolitik net nëmmen iwwert de militäresche Wee gedenkt ze organiséieren an ze planen.

Vill Suen, vill, vill méi Sue souguer, dat Duebelt en fait, investéiert Lëtzebuerg an d'Koopera-

tionspolitik. Ronn 1% vum PIB an d'Kooperationspolitik ass an eisen Aen och Friddenspolitik, preventiv Friddenspolitik. Dat ass och zu Lëtzebuerg Konsens, ausser zënter 2009 fir d'ADR, déi op där doter Fro probéiert, eng aner Schinn ze fueren.

Mä ob grouss oder kleng Arméi, ob vill oder wéineg Dépense, d'Arméi muss klappen - déi, déi een huet - a si muss funktionéieren. An de Constat ass, Här Minister, dass et net wierklech gutt klappt. An Erënnerung: den Episod vun de Boxemännercher, eng eigentlech komplett harmlos Aktioun, déi awer am Kader vun enger Militärkasär praktesch enger sozialer Revolt gläichkoom.

An Erënnerung awer och d'Ofsetze vum Colonel Ries duerch Äre Virgänger. Eng Décisioun, déi virun d'Verfassungsgericht koom a wou de Colonel Nico Ries recht krut. D'Regierung, ganz besonnesch, awer och d'Chamber brauche sech iwwert dat Uerteel vum Verfassungsgericht net ze freeën. Au contraire, och d'Chamber a besonnesch d'Regierung kéinte sech am Fong e bësse schummen iwwert dat Uerteel, wat do agaangen ass a wat dem Här Ries recht ginn huet.

An Erënnerung awer och déi ganz gespaante Relatiounen vun der ieweschter Arméihierarchie mam SPAL, dem Syndicat professionnel de l'Armée luxembourgeoise, dee wuel haart an der Saach diskutéiert, mä et muss ee fairerweis och soen, dass se och Ursaachen hunn, fir ze reklaméieren.

An Erënnerung awer och déi Kritiken um Gesetz vum 2007, déi bis haut net verklänge wëllen an déi d'Arméi gespléckt hunn. Notamment um Punkt vun der Priorité absolue fir d'UNO-Zaldote beim Rekrutement an de Carrière bei Stat, Gemengen a Syndikater, wou d'Zaldoten eng Exklusivitéit oder zumindest eng Prioritéit hunn.

D'Arméi huet geännert, net nëmmen 1967, wou se eng fräiwëlleg Arméi ginn ass, mä och a ganz vill an de leschte Joren, mat der Ouverture am Joer 2004 op d'Netlëtzebuurger - haut hu vun den Zaldote ronn 60% Immigrationushanergrond, 15% hu kee Lëtzebuurger Pass - an awer och 2008 mam Schafe vun den Unités de disponibilité opérationnelle, déi ganz vill Auslandsasätz hunn. An dat huet schonn eng profound Mutatioun vun der Lëtzebuurger Arméi provoziert, an net manner oder net méi, besser gesot, wéi véier oder fénnef Joer. Dat ass schonn eng grouss Ännerung, och soziologesch Ännerung, operationell Ännerung an der Lëtzebuurger Arméi.

An d'Ännerunge gi weider mat der Perspektiv, Här Minister, déi Dir mat der Ënnerschrëft vun der Déclaration Benelux den 18. Abrëll 2012 opgemaach hutt.

Wat heescht déi Benelux-Kooperatioun fir d'Lëtzebuurger Arméi? Gëtt et eng Lëtzebuurger Arméi respektiv wou si mer do méi genee drun? Op all déi Froe wäert ech elo e bësse méi am Detail agoen.

Ganz rezent - drëtter Punkt vun eiser Intervention - ass awer nach e weidert Element um Lëtzebuurger Militärhimmel, wann ech esou dierf soen, derbäikomm, nämlech d'Engagement vun der SES vu Betzder, fir mat hire Satellitenanlage militäresch Drohnen ze guidéieren.

Här Minister, déi gréng halen et fir wichteg, zu all dëse Froen haut an der Chamber kloer Aussoe vun der Regierung ze kréien.

Éischte Punkt, zum internen Zoustand vun der Arméi: Am Februar 2012 krut de fréieren Arméiminister a Médiateur Marc Fischbach den Optrag, e Rapport ze maachen iwwert de Fortgang vun der Ëmsetzung en fait vum Gesetz vum 21. Dezember 2007. Dat war déi offiziell Terminologie fir säin Optrag. Natierlech huet säin Optrag sech awer och situéiert am Kontext vun, ënner anerem, där sougenannter „Boxemännercher-Affär“ an anere Kritiken, déi aus der Kasär eraus an d'Öffentlechkeet koom sinn.

D'Fro, déi den Här Fischbach sollt beäntweren, war: Sinn d'Ziler vun der Reform erreicht? A wann net, woufir? An der aussepolitescher Kommission hu mer och schonn iwwert de Rapport Fischbach diskutéiert, awer nach net an der Plénière. Dat ass an eisen Aen awer richtig a wichteg. An dofir hu mer och d'Initiativ geholl, fir an der Plénière eng Diskussioun, eng oppen Diskussioun iwwert de Rapport Fischbach ze féieren. D'Öffentlechkeet an d'Arméi hunn e Recht op öffentlech Äntwerten an Engagementer vun der Regierung um Hannergrond vum Rapport vum Marc Fischbach.

De Constat ass: „D'Stëmmung an der Arméi ass net berouegend.“ Esou huet sech de Marc Fischbach mat engem Euphemismus ausgedréckt. An en huet och nach gesot, den Esprit de corps wier net deen, deen ee sech kéint erwaarden an der Arméi.

Dat ass eng Substanzausso - eng, déi déif blécke léisst! D'Kooperationspolitik ass wäit dovun ewech, zefriddestellend ze sinn. Eng Arméi, haut, ass net méi eleng d'Caisse enregistreuse vun Uerderen, déi vun uewen no ënne ginn, seet och do de Marc Fischbach.

D'Recht op gutt Informatioun a gutt Kommunikatioun - ech soe bewosst: d'Recht op Informatioun -, dat ass net der Hierarchie hirem Gutdünken iwwerlooss. D'Recht op Informatioun fir all Member vun der Arméi a gutt Kommunikatioun ass en direkte Corollaire vum Follegen a vun der Loyalitéit, déi an der Arméi erwaart ginn! Wann ee soll Uerderen ausféieren, ouni ze contestéieren, diligent an effikass, da muss een och déi néideg Informatiounen hunn, fir se kënnen nozevollzéien. Déi Leit, déi an der Arméi Uerderen entgéinhuellen, sinn net just do, fir ze follegen, mä si sinn do, fir en Deel vun engem Ganzen ze sinn, dat se och kënnen novollzéien.

Eng gutt funktionéierend Kommandostruktur verlaangt och, dass déi iewescht Hierarchie exemplaresch ass. De Marc Fischbach bemängelt a sengem Rapport, dass dat net ëmmer de Fall gewiescht wier. An eisen Aen e Passage aus dem Rapport, dee besonnesch fir deen neie Generol, Mario Daubenfeld, eng éischt Prioritéit misst sinn. D'Aarbechtsopdeeling téschent dem État-major an dem Centre militaire ass och alles aneschtens wéi optimal. Den double Emploi ass oft d'Regel. E Constat, dee vu ville gedeelt gëtt.

Ass déi noutwendeg Reform do engagéiert, Här Minister? Ënnerstëtzt Dir d'Iddi, dass sämtlech administrativ Servicer am Centre militaire solle regroupéiert ginn? Mir jo. A wa jo, wéini kann déi Reform als ofgeschloss ugesi ginn?

Problemer gëtt et och, Här Minister, beim Rekrutement. De Marc Fischbach proposéiert, de Militärdéngscht ëm ee Joer ze verlängeren. Reng rechneresch géif dat de Problem wuel léisen.

Ass et net awer deen einfache Wee, deen en fait d'Ursaache vun de Schwierigkeeten beim Rekrutement, wéi mer en haut kennen, ausblent? A wann eng vun den Ursaachen de Manktum u Perspektive wier fir no der Militärsäit? D'Reconversion ass an eisen Aen nach ëmmer dee schwache Punkt vun der Organisation vun eiser Arméi.

Dem Marc Fischbach säi Verdikt am Rapport, an ech deelen deen, ass sans appel: «...au vu des ressources limitées en personnel enseignant et d'une offre de cours des plus restreintes, l'école de l'armée n'est pas en mesure d'assurer un tel encadrement.» Dat ass d'Konklusioun.

De Marc Fischbach proposéiert d'Integratioun vun der Arméischoul an d'Éducation nationale. E Wee, dee mir och prinzipiell bereet si matzegoen. E Wee, iwwert deen awer nach muss nogeduecht ginn. Wou vill praktesch Froe muss geléist ginn a wou wierklech d'Perspektiv, d'Mise en perspective ganz konkret muss realiséiert ginn. De Fait eleng, dass een an d'Éducation nationale eriwuergeet, beäntwert d'Froen net all. Mä et ass ee Wee, wou mir mengen, deen ee soll seriö envisagéieren.

Enk mat der Reconversion verbonnen ass och déi zentral Fro vun der Prioritéit fir d'UNO-Zaldoten, déi Fro, déi zënter dem Gesetz vum 2007 d'Arméi spléckt, och doduerch spléckt, well se d'Arméi an zwou Sorten Zaldoten opdeelt. déi gréng sinn haut der Meenung, mir sollen domadder ophalen. D'Arméi ass eng Eenheet, ee Corps, a während dem Militärdéngscht ass een op deen aneren ugewisen. Kee ka seng Missionen ouni deen aneren erfëllen!

Ënnerscheeder kann ee maache bei der Besoldung en fonction vun der Responsabilitéit, vum Risque, vun der Qualifikatioun, an och iwwert de Wee vu bestëmmte Primen. En Ënnerscheid awer ze maache bei der Sortie aus der Arméi, wou een deen anere brauch a keen ouni deen anere kann existéieren, am Ausland wéi hei um Härebiere, do en Ënnerscheid ze maachen téschent UNO-Leit an Net-UNO-Leit beim Accès zu de prioritäre Plazen, dat hale mer mëttlerweil fir falsch. Gutt wier et, wann och d'Regierung dat géif agesinn. déi gréng mengen, dat géif vill zur Verbesserung vun der Situatioun um Härebiere bäidroen.

Eng Iddi wëll ech och nach an de Raum setzen: Mir hunn an de leschte Joren, an Dir wësst dat, Här Minister, bei der Protection civile Schwierigkeeten, déi Zuel vu Fräiwëllegen ze fannen, déi mer brauchen. Wier et net eng Iddi, eng Pist, fir driwwer nozedenken, ob een net och do eng Carrière bei der Arméi misst kënnen schafen - eng „carrière de sécurité civile“ kéint ee se nennen -, mat Spezialiséierung am Brand- a Rettungswiesen, an dat net nëmmen en vue vun Débouchéen, fir déi Schwierigkeeten, déi mer an der Protection civile kennen, eventuell mat Leit aus der Arméi kënnen ze fëllen?

Dat kéint och gläichzäiteg eng nei Nisch gi fir d'Lëtzebuurger Asätz bei der Arméi. Mir hunn